SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Verdeedegung & Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

Zanter der illegaler russescher Invasioun vun der Ukrain virun 3 Joer huet Lëtzebuerg sech ëmmer nees fir eng friddlech Léisung an d'Ënnerstëtzung vum ukrainesche Vollek agesat. De rezente Coup de téléphone vum Lëtzebuerger Premier Luc Frieden mam demokratesch gewielten ukrainesche President Wolodymyr Selenskyj ënnersträicht nach emol dës Solidaritéit a schwieregen Zäiten. An deem Kontext wéilt ech den zoustännege Minister e puer Froe stellen, fir besser ze verstoe wéi genee Lëtzebuerg seng Ënnerstëtzung fir d'Ukrain an der aktueller Krisesituatioun oprecht erhale wëll.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng konkret Mesuren huet Lëtzebuerg an de leschte Méint geholl, fir d'Ukrain um humanitären, diplomateschen an ekonomesche Plang ze ënnerstëtzen?
2. Wéi koordinéiert sech Lëtzebuerg an dëse Beräicher mat sengen EU-Partner an der internationaler Gemeinschaft?
3. Gëtt et Pläng fir zousätzlech bilateral Kooperatioun tëscht Lëtzebuerg an der Ukrain, z.B. duerch Hëllefsliwwerungen oder Expertenaustausch?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten